LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6269 vum éierebaren Deputéierten Marc Spautz**

1. **Wat fir Konsequenzen huet den Ausfall vun de Liwwerungen op d'Lëtzebuerger Ekonomie am Grousse Ganzen an op d'Landwirtschaft am speziellen?**

   Zu Lëtzebuerg ass den Impakt vun de Spannungen op d'Liwwerkette fir Agrarprodukter op d'gesamt Wirtschaft begrenzt well d'Landwirtschaft manner wéi 1% vum PIB ausmécht.

   Direktliwwerungen op Lëtzebuerg vu Produkter fir d'Landwirtschaft aus Russland, Belarus an der Ukrain si ganz ganz seelen. Importer an d'EU lafen iwwer Firmen an aneren EU-Memberstaaten.

2. **Kënnt et zu Enkpäss bei der Liwwerung vu verschidde Produkter? Wa jo, wat fir Produkter si besonnesch betraff?**


   No Krichsausbroch a mam Aféiere vun de Sanktioune géint Russland ass et an der EU zu Liwwerenkpäss vu Komponente fir d'Mëschfudderfabrikatioun komm, besonnesch Sonneblummekären, Sonneblummenextraktiounsschrot an och eng Partie vu Komponente mat Zertifikat, dass se net genetesch verännert sinn.

   Och de Maart vum Käremais gouf staark an enger Rei Memberstaaten an der EU gestéiert, well den ukrainesche Mais net méi sou zur Verfügung stoung a steet. Och wann sech zum Deel aner Liwwerméiglechkeeten erginn hunn, sou ass de Präis awer däitlech geklomme wéinst der feelender Offer.

   Bei verschiddene Spezialdünger wéi Diammonphosphat, deen awer net a grousse Quantitéiten agesat gëtt, awer och bei Kalidünger, deen als Gronddünger agesat gëtt, sinn zäitweis Enkpäss do. Hei muss dann op aner Produkter zeréck gegraff ginn oder den Asazzäitpunkt verluecht ginn.

3. **Wéi gesäit d'Präisentwécklung beim Dünger zu Lëtzebuerg aus?**

   Mam Ausbroch vum Krich sinn Düngerpräisser am allgemengen an d'Stickstoffdünger am besonnesche ganz staark geklommen, dat besonnesch wéinst de ganz drastesche Präissteigerunge bei den Energiepräisser. D'Energie ass bei der Hierstellung vu mineraleschem Stickstoffdünger den Haaptkäschtefaktor. De Kalkammonsalpeter war sou am Februar kuerzzäiteg bis zu 250% méi deier wéi nach am Oktober 2021. Momentan kascht e nach ongeféier duebel sou deier wéi zu deem Zäitpunkt. D'Verfügbarkeet war zäitweis problematesch, momentan ass d'Versuergung awer séchergestallt




4. **Wat fir Konsequenzen hunn déi méiglech Enkpäss, respektiv Ausfäll op d'Präisentwécklung bei de Liewensmëttel hei zu Lëtzebuerg?**

Enkpäss an der Versuergung bréngen och hei zu Lëtzebuerg Präishausse mat sech. D'Ubidder brauchen ëmmer eng gewëssen Zäit, fir Alternativprodukter ze sichen a geliwwert ze kréien. All Produkter, déi Sonneblummenueleg enthalen, si schwéier ze kréien an deemno extrem deier. Grondsätzlech gëtt de Verkafspräis vun de Liewensmëttel momentan awer méi vun den héijen Energiepräisser beaflosst wéi vun de Liwwerenkpäss, an et gëtt erwaart, dass d'Präisser weider usteige soulaang d'Energie deier ass a bleift.

D'Erhéijung vun der Inflatioun verschount d'Liewensmëttelpräisser deemno net, am Fréijoer 2022 ass zu Lëtzebuerg an an der Eurozon eng duerchschnëttlech Erhéijung vu +5% a méi op ee Joer festzestellen. Zu Lëtzebuerg sinn déi gréisste Erhéijungen am Mee 2022 bei Fësch (+14% iwwert ee Joer), Fleesch (+9,5%), Fetter an Ueleger (+12,4%) a Brout a verschidden Zorte Kären (+7,3%). Fleesch a Fësch sinn och déi Liewensmëttel, déi d'Inflatioun an de leschte Méint am meeschte gedriwwen hunn.

5. **Sinn op europäeschem Niveau Mesure virgesinn, fir dëser Entwécklung entgéint ze wierken?**

Op europäeschem Niveau ass net virgesi fir direkt an de Maart anzegräifen. Et gëtt awer lo speziell den "Encadrement temporaire de crise pour les mesures d'aide d'État visant à soutenir l'économie à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine" mat enger Rei Moossnamen, di der Industrie hëllefe sollen, fir ënner anerem di extrem ugestigen Energiepräisser am Produktiounsprozess zum Deel kompenséiert ze kréien. Momentan gëtt och gepréift, op dësen "Encadrement temporaire" och als konkret Hëllef fir de Bauer als Primärproduzent agesat ka ginn.

Lëtzebuerg, den 5. Juli 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,
(s.) Claude HAAGEN